N° 8140
Entrée le 09.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch, der Madamm Justizminister an dem Här Familljen- an Integratiounsminister ob d'parlamentaresch Fro n° 8140 vum 12. Juli 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Octavie Modert.**

Vu datt chirurgesch Agrëffer an Operatiounen un de Geschlechtsorganer vu Mannerjäregen ee sensibelt Thema sinn, wollten d'Gesondheets- a Justizminister gemeinsam mam Familljeminister méi Kloerheet schafen, wéi esou ee Verbuet ausgesi kéint. Et gouf deemno ee Groupe de travail gegrënnt, zesummegesat aus Vertrieder vun deenen 3 Ministèren, fir ee Gesetzestext auszeschaffen. Well een awer gesinn huet, dass et net sou evident ass, wéi sou ee generellt Verbuet *per se* sollt gesetzlech definéiert ginn, hunn déi 3 Ministèren am Fréijoer eng Reunioun vun Experten an deem Beräich organiséiert. Et waren esouwuel Doktere, wéi och Psychologen an d'A.s.b.l. Intersex & Transgender Luxembourg an der Reunioun vertrueden. Een Expert aus dem Ausland, dee fréier esou Agrëffer gemaach huet, gouf och gehéiert.

Di Reunioun war extrem hëllefräich an huet gewisen, dass jiddereen sech der Problematik bewosst ass an dass vill Leed duerch oniwwerluechten an onnëtz Operatiounen an Agrëffer entsteet. Jiddereen ass d'accord mam Prinzip, dass esou Agrëffer an Operatioune verbuede solle ginn. Wat awer elo genee vun Agrëffer oder Operatiounen ënnert de Verbuet soll falen, do ginn d'Meenungen auserneen.

De maltesesche Modell, den ee generellt Verbuet virgesäit, awer och d'Schafung vun engem Gremium, dat „au cas par cas" kuckt, ob net awer en Agrëff justifizéiert ass, wann d'Elteren dat befürworten, kéint eventuell eng pragmatesch Léisung sinn.

Et wäert allerdéngs d'Aufgab vun der nächster Regierung sinn, ee Gesetzestext ze verfaassen an an d'Prozedur ze ginn.

Lëtzebuerg, den 9. August 2023

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert